N° 8168
Entrée le 19.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*„De Klimawandel an de Krich an der Ukrain hunn dozou gefouert, datt déi energeetesch Transitioun méi séier wéi geplangt muss ëmgesat ginn. Et war scho méi laang geplangt fir lues a lues aus de fossillen Energien erauszeklammen an alternativ Energiequellen ze notzen. Dozou gehéiert de Stroum an als Instrument d'Wärmepompel. Ab 1. Januar 2023 mussen och all Neibauten dem energeetesche Standard A+ entspriechen.*

*Duerch dës Decisiounen kënnen awer elo speziell Situatiounen entstoen, déi dozou féieren, datt Investitiounen an d'Gasnetz, déi och nach um Terrain realiséiert goufen, well se viru Jore geplangt a virgeschriwwe waren, sech net méi notze loossen.*

*Sou ass mir z.B. zu Ouere komm, datt e fuschneit Lotissement (PAP), wou d'Prozeduren iwwer 15 Joer gedauert hunn, bis datt et endlech fäerdeggestallt konnt ginn, net méi däerf un de Gas-Reseau ugeschloss ginn, obwuel dëst awer expressis verbis bei der Planung virgeschriwwe gi war.*

*Elo muss all nei Wunneng mat enger Wärmepompel equipéiert ginn, obwuel d'Pläng absolut net dono ausgeluecht gi waren.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- *No wat fir eng Bestëmmungen ass et verbueden, fir dëse fäerdege PAP, deen noweislech virum 1. Januar finaliséiert gouf, un de Gas-Reseau unzeschléissen?*

- *Ass et net méiglech fir an dësem spezifesche Fall eng Iwwergangsléisung ze fannen, wou de Gas nach eng Zäit genotzt ka ginn?*
- *Ginn et nach iwwer Land änlech Situatiounen, wou e fäerdegt Lotissement net méi un de Gas däerf ugeschloss ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten